LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

REÇU
Par Christine Wirtgen , 07:21, 05/03/2021

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 4 mars 2021

Réf. : 837x099ce

Concerne: Question parlementaire urgente n°3713 du 25 février 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire urgente n°3713 du 25 février 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant la "Vaccination des personnes alitées".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette Lenert
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n°3713 du 25 février 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant la "Vaccination des personnes alitées".

D'Direktioun vun der Santé ass dobäi e Relevé opzestellen vu Leit déi an der aktueller Impfphas sinn an déi sech, aus medezinesche Grënn, net an een Impfzentrum bewege kënnen. Dëse Relevé gëtt zesummen mat der COPAS an de Réseau de soins gemaach. Déi concernéiert Acteuren sinn och dobäi konkret a pragmatesch Solutiounen auszeschaffen.

D'Solutiounen, déi elo diskutéiert ginn, si verschidden an ëmfaassen, z.B. mobil Impféquipen, Impfungen duerch d'Réseau de soins, mat Dokteren aus der Réserve sanitaire, Impfungen duerch Hausdokter ...

D'Hausdokteren sinn iwwert d'COVID-19 Impfung informéiert, och wann si aktuell selwer net impfen, ausser si schaffe schonns an engem Impfzentrum mat. Et wäerte Gespréicher mat der Association des Médecins et Médecins-Dentistes (AMMD) an dem Cercle des Médecins Généralistes (CMG) stattfannen, fir ze kucken, wéi een d'Impfung duerch Hausdokteren an d'Impfstrategie integréiere kann.

Et ass net richteg datt de Vaccin bannent 30 Minutte gesprëtzt muss ginn. D'Modalitéite bezüglech der Konservatioun, dem Transport an der Préparatioun vun den verschiddene Vaccin'en en vue vun hirer Administratioun sinn op Basis vum Résumé des caractéristiques du produit (RCP) souwéi e vun der europäescher Medikamentenagence gutt geheescht gouf souwéi op Basis vun den Données des études de stabilité déi no a no vun de Firmen kommunizéiert gi festgeluecht.

De Gesondheetsministère préift ob dës Modalitéiten agehale ginn fir ze garantéieren datt d'Qualitéit, d'Stabilitéit an d 'Integritéit vun den Impfdosen déi d'Leit kréien agehale ginn.

Wann et e Problem mam Circuit vun der Chaîne du froid oder e Feeler an der Manipulatioun vun der Impfdosis gouf, kënnen dës Impfdosen leider net méi genotzt ginn. Dëst well ee vermeide muss, datt Leit mat enger potentieller défectueuser Impfdosis geimpft ginn. Déi aktuell Impfstrategie gesäit strikt Prozeduren vir fir e Maximum vun den Impfstoffer pro Dosis kënnen ze gebrauchen an e Minimum Perten ze maachen. Zum Beispill gi souwuel d'Stocken wéi och d'Rendezvous'en alleguerten en temps réel géréiert. D'Personal, wat fir d'Impfen zoustänneg ass, géréiert d'Impfdosen op eng ganz professionell Aart a Weis sou datt d'Perten un Impfstoff am Moment ganz minim sinn.

Laut der Weltgesondheetsorganisatioun ginn d'Perten un Impfdosen op 50% geschat. Viru kuerzem ass eng franséisch Étude zur Conclusioun komm, datt 25 bis 30% vun den Impfdosen kéinten verluer goen wéinst dem System vun de Flacons multi-doses, déi, wann se bis preparéiert sinn, de selwechten Dag nach musse gesprëtzt ginn.

Dës Zuele si natierlech just Estimatiounen, mee erklären och zum Deel, firwat d'EU-Länner an och Lëtzebuerg méi Impfdose bestallt hunn wéi sie eigentlech fir hir Populatioun brauchen. Dëst ass virun allem fir eventuell Perten ze kompenséieren.